

Motion 1

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalte sech.

D'Motioun ass ofgeleent mat 39 Stëmme géint 16 an 3 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber (par M. Norbert Hauptert), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Ni-

colas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Serge Urbany.

Da komme mer zur Motioun 2 modifiée.

Motion 2 modifiée

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wie fir d'Motioun 2 ass, deen ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et besteet keen Zweifel, déi grouss Majoritéit ass fir d'Motioun 2.

Motion 3

An da komme mer un d'Motioun 3, déi vum Här Graas abruecht ginn ass.

Och e Vote par main levée?

(Assentiment)

Vote

Wie fir d'Motioun 3 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et besteet keen Zweifel, déi grouss Majoritéit ass fir d'Motioun 3.

Motion 4

Mir kommen un d'Motioun 4, déi vum Här Henckes abruecht ginn ass.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- E Vote électronique, wann ech glift, Här President.

M. le Président.- D'accord.

Vote

Déi fir d'Motioun 4 si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

D'Motioun 4 ass mat 47 Nee-Stëmme bei 7 Jo-Stëmmen a 6 Abstenttiounen verworf.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Clement), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber (par M. Norbert Hauptert), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Jeannot Belling), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emi-

le Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Marc Zanussi), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wäre mir um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mueren a fänt um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.36 heures)

Ordre du jour

- 4944 - Projet de loi portant approbation de l'Accord portant création de l'Organisation Internationale de la Vigne et du Vin, signé à Paris, le 3 avril 2001

(Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

- 5064 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 29 août 1976 portant création de l'Administration des services vétérinaires

(Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

- 4970 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur la conservation des oiseaux d'eau migrateurs d'Afrique-Eurasie, fait à La Haye, le 15 août 1996

(Rapport de la Commission de l'Environnement - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

- 4721 - Projet de loi

- portant approbation de la Convention de La Haye du 1er juillet 1985 relative à la loi applicable au trust et à sa reconnaissance;
- portant nouvelle réglementation des contrats fiduciaires, et
- modifiant la loi du 25 septembre 1905 sur la transcription des droits réels immobiliers

(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel)

- 4919 - Projet de loi portant modification

- 1) de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice
- 2) de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat

(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden et Luc Frieden, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

(Début de la séance publique à 9.02 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelung ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da komme mer zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 4944 iwwert d'Organisation internationale de la vigne et du vin. Et si schonn agedroen: déi Häre Scheuer, Belling a Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

- 4944 - Projet de loi portant approbation de l'Accord portant création de l'Organisation Internationale de la Vigne et du Vin, signé à Paris, le 3 avril 2001

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Organisation internationale de la vigne et du vin huet hir Originen am 19. Jorhonnert, wou verschidden europäesch Staaten sech zesummedoen hate fir 1874 op engem Kongress zu Montpellier iwwert d'Méiglechkeeten ze berode fir der Rieflaus, déi zu där Zäit dem Wäissektor vill Misär gemaach huet, fir dëser Krankheet Här a Meeschter ze ginn.

Dës Kris iwwerwonnen, sinn am Ufank vum 20. Jorhonnert d'Produktioun an den Handel vu Wäiner op eng anarchesch Aart a Weis ugewuess. D'Konsequenz dovun war, datt sech ganz schnell esou munchen Fusel och als Wäi bezeechent huet an op den europäesche Marché komm ass.

Fir dës Phenomeen wäit gehend

awer ze ënnerbannen, si verschiddene Kongresser, wéi beispillsweis dee vu Genève 1908 oder vu Paräis 1909 aberuff ginn, fir de Wäinubau an den Handel mat Wäin ze reglementéieren. Mat dëse Moossname wollt een deen Auswuchs vun dësen negativen Entwicklungen Här ginn.

1916 huet sech eng international Konferenz mat verschiddene Wäiproduktionslänner, ënnert anerem iwwert d'Revisioun vun den Douanestäriffer, den Echanging tëschent de Staaten, esou wéi iwwert d'Asetze vun engem internationale Gremium, zesummegezat, aus verschiddenen Import- an Exportlänner. Dës Konferenz huet sech dorüwer beroden. Dës Efforten hunn dann 1924 hiren Nidderschlag an der Grënnung vum «Office International du Vin» fonnt, wou Lëtzebuerg als Grënnungsmitglied fungéiert huet. No dräi Joer konnten déi noutwendeg Ennerschrëften zesummebruecht ginn, wouropshin déi konstituierend Sëtzung de 5. Dezember 1927 iwwert d'Bühn goe konnt.

D'Arrangement iwwert dësen Office ass duerch d'Gesetz vum 30. Dezember 1927 ratifizéiert ginn. D'Participatioun vun eisem Land an dësem internationale Gremium iwwert de Wäin an de Wäibau ass zu där Zäit an deene concernéierte Milieuen op grouss Zoustëmmung gestouss.

Säitdem ass den Office international de la vigne et du vin eng intergouvernemental Organisation, déi sech virun allem mat den techneschen a wëssenschaftlechen Aspekter vum Wäin a vum Wäibau ausernaner setzt. Dës Bezeechnung ass iwwerregens 1958 iwwerholt ginn, nodeems d'Memberstaaten dat esou decidéiert hunn. Haut gehéieren net manner wéi 45 Staaten - an do muss ech mech lichter verbessern, ech hunn de schrëfteleche Rapport nach eng Kéier nogelies, do sti 46 Staaten dran. Ech wäert dat dann awer nach redresséiere loosse. 45 State gehéieren dëser Organisation un, plus Irland, wat géigewäerteg nëmmen e Beobachterstatus huet. Donieft sinn awer och Regiounen an international Organisation, déi un den Aarbechte vun der OIV deelhuele.

Dës 45 Memberlänner representéieren haut weltwäit 83% vun der Superficie viticole a stellen ongeféier 95% vun der Produktioun an och der Consommation vum Wäin duer.

Här President, ech wëll kuerz op d'Antécédent vum dësem Projet agoen, deen de 6. Mee 2002 vun der Madame Ausseministesche am Parlament abruecht ginn ass. An der Sëtzung vum 18. Oktober 2002 huet d'Agrar- a Wäibaukommission de Rapporteur désignéiert. De Statsrot huet de 4. Juni 2002 e positiven Avis ofginn, op deen ech herno nach kuerz agoe wäert. D'Chambre de l'Agriculture huet am Avis vum 4. März 2003 hiren Accord iwwert dëse Projet zum Ausdrock bruecht. Well d'Kommission awer drop insistéiert huet, fir gewuer ze gi wie Lëtzebuerg an dëse verschiddene Gremier vertritt, huet den Agrarminister Fernand Boden an engem Brëif vum 28. November 2002 der Kommission d'Nimm en bonne et due forme matgedeelt. De schrëfteleche Rapport vun der Kommission konnt dunn den 18. Juni 2003 analyséiert an och ugeholl ginn.

Duerch de Fait, datt d'Organisation internationale de la vigne et du vin ëmmer nei Aufgaben opgedroe krut, hunn d'Missionen an déi personal Zesummesetzung vun der Organisation, esou wéi d'Objektiver, sech grondleeënd Reforme misse ënnerzéien. Déi véiert Séance vun der OIV huet den 3. Abrëll 2001 en neien Accord ausgeschafft, deen ënnert anerem folgende grouse Modifikatiounen Rechnung dréit:

- Déi grouss juristesche, ekonomesch an technesch Froen ginn duerch e Konsensmodus an der Vollversammlung ofgeseent. D'Wiel vum President a vun de Vizepresidenten, vun de Kommissionspresidenten an de Presidenten vun den Ennerkommissionen, d'Wiel vum Generaldirekter wéi och d'Déciounen iwwert de Budget an déi finanziell Zouwendungen vun deenen eenzelne Memberlänner, all dës Déciounen ginn duerch d'qualifizéiert Majoritéit geholl.

- D'Missionen vun der Organisation sinn adaptéiert a moderniséiert ginn, fir den heitege Pro-



blemstellungen, mat deenen de Wäibausecteur ze dinn huet, op techneschem a wëssenschaftlechem Plang ze begéinen.

- D'Finanzéierung vun der Organisatioun huet sech grondleeënd geännert. Een Drëttel vum Budget deelt sech op d'Basisstëmme vun all Land op, déi aner zwee Drëttel orientéiere sech un dem Produktionsvolumen vun deenen eenzelne Wäibaulänner an deele sech an prorata esou op.

Wat d'Ännerung vun den Objektiv ubelaangt, esou versteet sech d'OIV als Organisatioun, déi de Memberstaten op techneschem a wëssenschaftlechem Plang zur Säit steet. Si fungéiert als begleedend Organ bei der ganzer Filière vun der Wäiproduktioun. Dobäi kënnt och nach eng verstärkten Zesummenaarbecht mat aneren intergouvernementalen an Net-Regierungs-Organisatiounen, déi sech mam Wäibau ausernaner setzen.

An dësem Kontext ass et wesentlech datt d'OIV iwwert déi juristesche Responsabilitéit a Kapassitéit verfügt, déi se vun de Memberlänner iwwerdroe kritt. D'OIV versicht des Weideren déi national an international Normen, déi et bei der Produktioun, der Weiderveraarbechtung vun de Wäiprodukten a beim Handel vu Wäin a sengen Derivater gëtt, ze harmoniséieren. Och d'Promotioun vum Wäin a sengen Derivater gehéiert zum erweiderten Aufgabefeld vun der Organisatioun.

Fir dësen Objektiv awer och gerecht ze ginn, wëllt d'OIV verstärkt och op d'Fuerschung setzen. D'Erkenntnisser aus dëser Fuerschungsbeméiung komme selbstverständlech de Memberlänner zugutt.

Dat heescht also, datt d'OIV beméit ass fir d'Recommandatiounen un d'Memberlänner weiderzeginn, an dat ënnert anerem an den Domänen vun de Produktionsprozeduren, den ökologesche Praktiken, der Definitioun an der Descriptioun vun de Wäiner, der Etikettéierung, esou wéi am Beräich och vun den Analysemethoden. Eleng de Comité scientifique et technique kann op d'Mataarbecht vu ronn 800 Expären aus alle Memberstaten zielen.

Doriwwer eraus ass et fir d'OIV eng absolut Noutwendegkeet fir och um Niveau vun der Authenticitéit vun de Wäiner e gewichtegt Wuert matzeschwätzen. Dat virun allem ass fir de Konsument enorm wichtig. E Konsument, dee selbstverständlech iwwert d'Herkunft vum Wäin, deen en drénkt, wëllt informéiert sinn. Dat souwuel um geographesche Plang wéi och um Niveau vun de Wënzerebetriber. Och wëllt de Konsument iwwert d'Lage vun de Wëngerten, wou d'Drauwe wuessen, informéiert sinn. Hei besti schonns eng ganz Rei vun internationale Réglementatiounen iwwert den Handel an iwwert d'Urheberrechter, déi onbedéngt agehale mussen ginn.

Last but not least ass d'OIV drëm beméit fir och um Niveau vun der Liewensmittelsécherheet eng aktiv Roll ze spillen, an dat virun allem bei der wëssenschaftlecher Iwwerwaachung vun de Produktionsprozedéieren.

Aus all dësen Aspekter eraus gëtt ersichtlech, datt d'Aufgabe vun der OIV villfältig sinn. D'Participatioun vu Lëtzebuerg an dëse Gremien kann nëmme vun Notze si fir eise Wäibau. Et ass séier wichtig, datt Lëtzebuerg an esou internationale Gremien seng Vuen a seng Iddien vertrieben kann.

De Statsrot, Här President, huet keng gréisser Bedenke mat dësem Projet, gëtt awer ze bedenken, datt Lëtzebuerg an d'Lag kënnt gesat ginn, fir zu engem Budget bäizeroen, deen iwwert eng qualifizéiert Majoritéit ofgeseent ginn ass, obschonns Lëtzebuerg en negative Vote dozou hat.

De Conseil d'Etat weist awer an dësem Kontext op de Paragraph 3 vum Artikel 5 hin, deen de Memberstaten d'Méiglechkeet beléisst fir national Interessen unzemellen, am Fall wou dës duerch eng finanziell oder budgetär Entscheidung a Fro gestallt sinn. De Statsrot huet och bedauert, datt weder deenen, nach deenen ale Règlement intérieur vun der OIV dem Projet bäigeluecht war. Dëst Règlement hätt kënne iwwert d'Gréisstenueerdnung vun de finanziellen Engagementer vun deenen eenzelne Memberstate méi Opschluss ginn.

Ofschléissend, Här President, wëll ech nach ervirhiewen, datt d'Agrarkommissioun den Notze vun dësem Projet unerkannt huet. Och d'CSV-Fraktioun ka sech deem uschleissen. Ech hoffen, Här President, ech konnt d'Chamber iwwert d'Aktivitéiten vum OIV an engem ausreechende Mooss hei opklären.

Mam Accord vu menger Fraktioun wëll ech dann och schléissen an ech merci soe fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.** - Als éischte Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem de Rapporteur geschwat huet, ass wierklech net méi esou vill dobäizéien. Ech wëll awer trotzdem e puer Remarken zu deem Projet maachen.

De Rapporteur huet den Historique vum OIV gemaach. Et ass en Historique, dee geet bis un den Ufank vum 20. Jorhonnert zréck an e weist, datt och deemools scho Bestriewunge bestanen hu fir sech um Niveau vun deem Beruff an och um Niveau vun der Kommerzialiséierung vum Produkt Wäin zesummen ze setzen, virun allem well schwéier definéierbar oder net definéiert war, wat ënnert deem Begrëff Wäin ze verstoen ass. An nach haut, wann een a bestëmmte Regione vun der Welt kënnt, da kritt ee Wäin zerwéiert oder et freet ee Wäin, da kritt een eng Zort vu Maggi zerwéiert oder en anert Produkt, wat mat Wäin iwwerhaupt näischt ze doen huet.

#### (Interruptions diverses)

Fait ass, datt dat Bedürfnis bestanen huet, an datt et eng wirtschaftlech Nécessitéit war fir sech zesummen ze setzen an d'Produkt ze definéieren, d'Technik vun der Produktioun ze definéieren, fir och ze reagéieren op Kränken, déi opgetratt sinn an de Wëngerten an déi de ganze Secteur bedroht hunn. Also war deemools d'OIV schonn e ganz wichtegt Organ iwwert d'Grenze vun deem Land eraus, wou en ugesidelt ass, nämlech am Frankräich.

De Rapporteur huet e Rapport gemaach, dee korrekt ass, dee gutt ass. De Minister an den Direkter vum Institut viti-vinicole hunn eis ageweit an d'Geheimnisser vun der OIV, déi fir mech awer och ganz unbekannt waren. Ech wosst, datt et der géife ginn, mä ech si vläicht am Wäibau net esou gebilt wéi déi meescht Kolleegen, déi heibanne sinn. Ech gestinn da meng Onwësenheet an, mä de Minister an den Direkter hunn eis awer munch interessant Saache gesot.

#### (Interruptions diverses)

Ech maachen och lifelong learning, mä ech hat d'Impressioun wéi wa munch aner Kolleegen och dovun profitéiert hätten a wéi wa munch engem eng Luucht opgaangen ass, eng kleng Luucht.

D'Missioun vum der OIV sinn äusserst interessant, a wann een déi éischt Missioun kuckt, esou wéi se definéiert ass, dann erkläert se doraus schonn d'Noutwendegkeet, datt et esou eng Organisatioun muss ginn, well déi éischt Missioun ass, „réunir, étudier et publier les renseignements de nature à démontrer les effets bienfaits du

vin“. Et wier ganz einfach, wann et sech dorobber géif beschränken, mä et gëtt aner Missiounen, déi ganz seriö sinn, wéi zum Beispill d'Qualité hygiénique du vin ze garantéieren.

Et gëtt dann och Missiounen, déi reng technescher Natur sinn, déi sech mam Commerce befaassen, respektiv mat de Méthodes d'analyses, an domadder féiert een och nees d'OIV zréck u seng Urspréng.

Et gëtt en anere Begrëff oder en aneren interessanten Abschnitt an där Konventioun, nämlech d'OIV soll de Regierunge Propositionen ënnerbreeden. D'OIV ass also kee Regierungsorgan, mä et ass en Organ, wat d'Regierung beréit an zwar am Intérêt vun de Produzenten an och am Intérêt vun de Konsumenten. An deem entspiechen och déi verschidden Unitéiten an déi d'OIV opgedeelt ass.

An dat wier meng Fro un de Minister: Wéi gutt oder wéi intensiv kënnen mer nach participéieren un der OIV? Ass et gewünscht, datt mer nëmme vun Zäit zu Zäit dohinne ginn, wann de Sujet eis passt, wa mer mengen, mir hätten Intérêt dru fir an enger bestëmmter Unitéit oder Kommissioun, egal wéi si heescht, ob dat d'Ekonomie ass oder d'Viticulture oder d'Önologie oder d'Dokumentatioun, matzeschaffen,

An dann als Zweet, ech hat am Ufank gesot, datt d'OIV fir mech en unbekannt Land war, wat awer, wann ee sech e bëssen domat beschäftigt, guer net gerechtfertigt ass. Ech mengen, och hei misst ee méi Öffentlechkeetsaarbecht maachen, och fir ze weisen, datt mer net eng Waibauregion à part sinn, mä datt mer ze doen hu mat engem ganze Froekomplex, dee sech a munchen anere Länner net anescht stellt wéi zu Lëtzebuerg.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir gitt jo dovun aus, datt d'LSAP, schonn eleng opgrond vun der éischter Missioun vum der OIV, natierlech dësem Gesetz zoustëmmt.

Ech soen ech merci.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Belling agedroen. Den Här Belling huet d'Wuert.

**M. Jeannot Belling (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, ass e wichtige Projet fir de Lëtzebuerger Wäibau, wéi och fir déi 44 aner Länner, déi der Organisation internationale de la vigne et du vin ugehéieren, dat, well den Accord, deen den Objet vun dësem Gesetzesprojet ass, den Ausdrock vun deem éischte grouse Reformprozess ass, deen eng Organisatioun, där hir Wuerzele bis, wéi mäi Frënd Lucien Clement schonn hei betount huet, bei d'Riefelungskris an den 1870er Joren zréckgeet, elo op d'Erausforderung fir d'Wäiwirtschaft am 21. Jorhonnert virbereet.

Ech wëll net laang op d'Wichtegkeet vun der OIV agoen, dat hu meng Virriedner gemaach, där eist Land scho säit 1924 ugehéiert. D'Memberlänner stelle méi wéi 83% vun der Superficie viticole op der Welt a méi wéi 95% vun der internationaler Produktioun an der Consummatioun vum Wäin.

D'OIV, déi a Kontakt steet mat aneren internationalen Organisatiounen, wéi der Weltgesundheitsorganisation oder der Welthandelsorganisation, fir nëmmen déi ze nennen, gëtt de Memberlänner d'Richtung un an déi se goe sollen, fir esou wäit wéi méiglech d'Préoccupatiounen vun de Wënzere a virun allem de Consommateure Rechnung ze droen.

Si steet deenen aneren Organisatiounen, déi op der Welt an der Wäinindustrie schaffen, mat Rot an Dot zur Säit an ass eng grouss Referenz an der Recherche iwwert de Wäibau an iwwert d'Wäiwirtschaft, déi vun iwwer 800 Expären an de Memberlänner duerchgefouert gëtt.

Virun allem ass et hir Missioun zur Harmoniséierung vun de Praktiken an den Normen am internationale Wäibau bäizeroen an nei Normen auszeschaffen, fir d'Produktioun an d'Commercialisatioun vun de Produkten aus dem Wäibau ënner korrekten Emstänn.

Dat ass kapital, well nach ëmmer Produkter op de Maart gelaangen, an dat ass och schonn hei gesot ginn, wou ee wierklech net weess wou se hierkommen a wat et iwwerhaupt ass wat ee sech do an d'Gesicht gehäit. Zumindest soll et no Wäi schmaachen, mä dat weess een net ëmmer.

De Kampf géint d'Fraude ass also, an esou war et scho bei der Grënnung vun der OIV am Joer 1924, eng vun de wichtigste Missiounen vun der Organisatioun. Wien d'Fraude bekämpfe wëllt, dee muss reglementéieren, Appellatiounen an Zertifikater verginn, d'Conditions de mise sur le marché, wéi och d'Produktionskonditiounen kloer definéieren, fir dem Consommateur kënnen eng maximal Garantie ze ginn, dass dat wat op der Këscht oder op der Fläsch steet och wierklech dran ass.

D'OIV gëtt hei d'Richtung un. Si muss et maachen am Dialog mat de Memberlänner an de spezifische Situatiounen vun de Memberlänner Rechnung droen. Et ass menger Meinung no ze évitéieren, dass hei iwwerreglementéiert gëtt, an dass d'Wënzere stänneg mat neien Oploe mussen rechnen fir conforme ze sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eng vun den Haaptenerneerungen vum Accord, dass all Décisiounen iwwer Normen, all Résolutionen wëssenschaftlecher, technescher, wirtschaftlecher a juristescher Natur elo am Konsens an der Assemblée générale getraff ginn. De Modus vun der Majorité qualifizéiert gëtt agesat, wann een de President, de Generaldirekter, de President vun der Kommissioun oder de Sous-Kommissiounen wëllt an och beim Vote vum Budget.

De Statsrot huet a sengem Avis d'Fro gestallt, ob mat deem System do Lëtzebuerg net a Contributiounen gedréngt gëtt, déi mat de Besoinen vun eisem Wäibau näischt ze dinn hunn. Den Accord gesäit dofir allerdéngs och vir, dass Décisiounen, déi géint essentiell Interesse vun engem Land verstoussen, kënnen vun deem Land reportéiert oder blockéiert ginn. D'Matsproocherecht vu Lëtzebuerg an der grousser internationaler OIV ass also gesichert.

Et ass kloer, am Verglach mat anere Memberen vun der Organisatioun, ka Lëtzebuerg nëmme mat enger klenger Produktioun opwaarden. Et ass eng kleng Produktioun, mä eng fein bekömmlech Produktioun, wou d'Qualitéit säit 1935 duerch d'Schafung vun der Marque nationale ënner staatlecher Kontroll garantéiert ass.

D'Suerg ëm d'Qualitéit ass de Motto vun der Wäiwirtschaft haut. Fir eis Wënzere, natierlech och fir d'Consommateuren, déi ëmmer besser informéiert ginn, ass et evident, dass se müssen an déi Richtung zielen.

D'OIV mécht et hinne jiddefalls wesentlech méi licht fir an déi Richtung kënnen ze zielen. D'Garantie, dass d'Eierlechkeet vum Produkt erhale gëtt, ass vun enormer Wichtigkeet fir de Konsument a virun allem och fir de Wënzere. Bei deem ganze Reglementéiere muss awer d'Authenticitéit a virun allem d'Spezifitéit vun deenen eenzelne Regione erhale bleiven. Et dierf net dozou féieren, dass de Wäin, deen en héije Stellegewert an eiser

Kultur huet, wéi en industriell hiergestallte Produkt ugebuede gëtt an och an der ganzer Welt d'selwecht schmaacht. Well et ass ëmmerhin en Naturprodukt, dee seng Originen am Wëngert huet an d'Produktioun vun deem Wäibau hu weltwäit vill Leit ënner net ëmmer ganz lichte Konditiounen zu hirem Handwerk gemaach.

Dofir mengen ech, dass een d'Räichwäit vun dësem Projet de loi fir d'Weiterentwécklung vun eisem Wäibau soll korrekt apprécieieren. An deem Sënn freeën ech mech, an do sinn ech net der Meinung vu menge Virriedner, elo schonn op deen nächste Patt mam Maggi a bréngen hei d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun fir dëse wichtige Gesetzesprojet.

Ech soen ech merci.

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

**M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur Luss Clement huet hei den Historique gemaach an hien huet d'Missiounen an d'Ziler vun dësem Projet de loi in extenso duergeluecht, esou datt ech mech hidde wäert nach weider am Detail dorop anzegoen.

Mä ech mengen, et sinn awer e puer Froen, déi ee sech hei muss stellen an eng éischt Fro ass fir eis: Wat kascht et a wat bréngt et Lëtzebuerg konkret? Ass dat hei e grouse Schrëtt fir d'Rettung vum Lëtzebuerger Wäibau, vun deem mer wëssen, datt en de Moment net an deene beschten Dicher stécht?

Här President, eng Kostennutzenanalys fänne mer net, déi wier wahrscheinlech och schwéier opstellen. An trotzdem dierf een d'Fro stellen: Wat kascht et? Wann een dat probéiert erauszefannen, da fënnt een an den Dokumenter eng komplizéiert Formule. Et liest een awer och eraus, datt et ofhängeg ass vum Budget, dee vun der Generalversammlung arrétéiert gëtt a vun der Ziel vun de Memberen natierlech, déi an der Organisatioun sinn a vun dem Koeffizient, deen do zur Uwendung kënnt. Iwwert de reelle Chiffer, dee mer ze bezeelen kréien, steet am Projet an och am Rapport eigentlech näischt, an ech fannen dat iergendwéi net seriö.

Et ass och contraire zu enger Resolution, déi dës Chamber eng Kéier geholl huet, déi sech vläicht méi op Investitiounsprojete bezieht, mä wou een awer kënnt soen, am Prinzip misst all Gesetz wat eng finanziell Inzidenz huet, och ugi wat dann tatsächlech aus dem Statsbudget all Joers muss fir dee Projet do opbruecht ginn.

D'Kritik vum Statsrot an där Bezéiung geet, wann och net ganz konkret, dach awer deelweis an déi Richtung. An et stellt ee sech d'Fro, wie geet schonn als Privatpersoun an e Veräin, wou hien net weess wéi héich d'Cotisatioun ass. Et ass eis allerdéngs an der Kommissioun gesot ginn op Nofro, et wieren ongeféier 11.000 Euro am Joer, loosse mer emol soe 450.000 Frang, wéi mer dat nach gewinnt sinn. Do kënnt selbstverständlech nach alles dobäi wat zousätzlech Fräe sinn, nämlech och d'Käschte vun deene Leit, déi op déi Réuniounen do fueren.

Da kënnt déi zweet Fro: Wat bréngt et? D'Fuerschung selwer gëtt net um Niveau vun der OIV gemaach. D'OIV stellt d'Regelen op, déi natierlech nützlich an deelweis och noutwendig sinn. D'Fuerschung gëtt natierlech an deene groussen Zentren gemaach, do wou de Wäibau eng grouss Bedeitung huet, do wou en och normalerweis eng grouss Traditioun huet an et ass esou, och wa mir hei zu Lëtzebuerg am Institut deelweis esou Saache maachen, datt mer awer op d'international Zesummenaarbecht ugewise sinn. Dat ass awer



ganz sécher net direkt hei d'Fro vun der OIV, mä dat ass méi eng Fro vu bilateraler Zesummenaarbecht, wou mer traditionell jo vill mat de Fransousen an och mat Däitschland zesummeschaffen.

Kënne mer eis et leeschte fir net dobäi ze sinn? Et gëtt Länner, ech hunn dat an der Kommissioun och opgeworf, wéi d'USA, d'Madeleine Albright herself huet geschriwwen, si géingen elo austrieden, si hätten es genuch. Anscheinend, ass eis gesot ginn, wëllten se dann awer elo erëm bäitrieden. Et liest een och, datt Länner mat de Cotisatiounen esou am Réckstand wären, datt de Fonctionnement vun der Organisatioun seriö a Fro gestallt wär. Da muss ee sech awer och d'Fro stellen: Wat ass dat fir e Veräin a sinn do nach vill aner Länner der Meenung, datt déi Nätzlechkeet dach awer limitéiert wär, wa si hir Cotisatiounen net bezuelen?

Wat huet de Lëtzebuerger Wäibau dovun? D'Qualitéit vun eisem Wäin ass, Gott sei Dank, an dat muss een héich unerkennen, an de leschte Jore ganz staark verbessert ginn. Dat ass, wéi ech schonn ugedeit hunn, net de Verdéngscht vun der OIV, mä vun der Verbesserung vun de Methoden, souwuel am Wéngert, wéi am Keller, déi ganz vill op bilateral Zesummenaarbecht mat eisen Nopeschlänner berouen.

Wat passéiert, Här President, an der Realitéit hei an eisem Wäisecteur? Mir stelle fest déi lescht Joren an do gëtt et Chiffres à l'appui am Rapport vum Landwirtschaftsministère, datt eise Maart ëmmer méi iwwerschwemmt gëtt vu Wäin, vu Wäiprodukten aus der ganzer Welt. Dat geet vu Chile bis Südafrika, ech géing bal soen iwwert den Nordpol, fannt Der alles an de Supermarchéen niewent eisen indigène Wäiner leien, schéin opgemaach zu Präisser, wou de Lëtzebuerger Wäin a ville Fäll net mathale kann.

Keen dobause freet ënner wat fir Konditiounen dese Wäi produzéiert ginn ass, an do komme mer op eng Diskussioun, déi vläicht hei e bëssen noschwäift, mä déi dach awer muss an deem Zesummenhank gestallt ginn, well et jo hei ëm eng international Organisatioun geet.

Här President, bal iwwerall hu mer Regeln, hu mer an eisem Land Normen, Normes de protection, déi applizéiert ginn. Ech fänken u mam Secteur public. Et géing kengem Mënsch afale fir ze soen, d'Plaze beim Etat a bei de Gemenge géingen elo international fräi ausgeschriwwen ginn an dee Bëllegsten kënnt dann hei déi Plaze kréien. Do krite mer en Opstand, dat géing och net goen.

Mir hunn am Privatsektor Normen, d'Normes de protection, Gott sei Dank fir d'Arbeitnehmer, déi musse strikt respektéiert ginn. Dat huet derzou gefouert, datt déi Leit, déi als sou genannt Hierschtleit an d'Wéngerte schaffe kommen, och müssen zum lëtzebuergesche Mindestloun bezuelt ginn. De Wäin, deem awer aus deene Länner heihinner kënnt, do ass kee Mënsch, dee freet ob déi Leit, déi dohannen an de Wéngerte geschafft hunn, och hu misse mat deemselwechte Mindestloun bezuelt ginn. Ech mengen doraus ergëtt sech eng Situatioun, déi net richtig ass, déi total an Défaveur vum Lëtzebuerger Wäibau ass.

Och ökologesch Normen, déi, Gott sei Dank muss ee soen, besonnesch an der Europäescher Unioun an och hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi contraignant ginn. Eis Wénzer bekloe sech deelweis souguer driwwer, Här Minister, datt se Sprëtzmëttelen net dierften asetzen hei zu Lëtzebuerg, déi awer direkt déi Säit vun eise Grenzen erlaabt sinn. Mä mer wëssen, datt et ëmmer méi streng gëtt, datt mat groussem Käschtenopwand, mat biologesche Methode geschafft gëtt, wat eng gutt Saach ass.

Et freet awer keen, ob deen chileneschen oder dee südafrikanesche Wäin, deen hei gläichberechtigt niewent dem Lëtzebuerger Wäin an de Regaler läit, och ënnert deene Konditiounen huet misse produzéiert ginn. Dat ass de reelle Problem mat deem de Lëtzebuerger Wäibau konfrontéiert ass. Hei gëtt ganz däitlech mat zweeërlee Mooss a Gewichter geschafft. Lëtzebuerg huet en héije Liewensstandard, dat ass gutt, mä mir hunn awer och doraus resultéierend héich Käschten, mir hunn op där anerer Säit e fräie Maart. Dat ass en Nonsens, dat ass e Widersproch a sech, woumat eise Wäibau op d'längst net lieue kann.

#### (Interruption)

Et ass virun allem, Här Scheuer, de landwirtschaftleche Sektuer, deen dovunner beträff ass.

Dat erkläert sech och aus der Tatsaach, datt déi Länner, déi natierlech bestreift sinn, an zu Recht bestreift sinn, fir op d'europäesch Mäert ze kommen, do wou vill Kafkraaft ass, probéieren heihinner ze drécken, well se och net vill aneschters unzibidden hu wéi Basisprodukter, wéi Produkter, déi vum Buedem kommen, déi aus der Agriculture an aus der Viticulture kommen.

An et muss ee sech d'Fro stellen, ob dann, Här Minister, mir hu jo och schonn an der Agrarkommissioun doriwwer diskutéiert, datt natierlech Drock op d'Europäesch Communautéit gemaach gëtt fir hir Mäert opzemaachen, a wou dann och am Ministerrot gemengt gëtt mir missten dat maachen a mir kënnten eis do net verspären am Kader vun der WTO. Mä et kann dach net sinn, datt weltwäit d'Entwécklungspolitik op Käschte vun de Baueren a vun de Wénzer gemaach gëtt. Dat geet souwisou an der gesamter Mass vun der Entwécklungspolitik net op.

Den Dokter Radermacher, deen d'lescht Joer bei de Jongbaueren a Jongwénzer war, dee sech intensiv mat där Problematik befaasst huet, huet gesot, datt déi entwéckelt Länner kontinuierlech missten 2% vun hirem PIB an déi ënnerentwéckelt Länner, fir et emol pauschal ze soen, transféréiere während enger ganzer Zäit, fir den Aarmutt aus der Welt ze verbannen. Dat kann net doduerch geschéien, datt mer exklusiv d'Mäert bei den Agrarprodukten opmaachen.

Et wär gutt, Här President, wann d'OIV an hirem Statut stoen hätt, datt se sech och géing ëm déi Problemer bekëmmere. Mir wëssen awer, datt dat wäit, wäit iwwert d'Missioun vun der OIV, wéi se definéiert ass, oder wéi se am Statut festgehalten ass, erausgeet. Dat ass dofir och net de Fall. Mä de Problem bleift bestoen an ech hoffen, datt eis Vertrieeder vu Lëtzebuerg, wa se dann dohinner ginn an iwwer Norme schwätzen, och iwwert déi aner Norme schwätzen, ënnert deene produzéiert gëtt, fir datt déi Concurrence déloyale, déi sech an eise Geschäfte, an eise Supermarchéen ofspillt, op d'mannst net méi esou schro ass wéi se de Moment ass.

Här President, ech - a mir als Fraktioun - si vun der Noutwendegkeet vun der Memberschaft an der OIV net esou schrecklech iwwerzeegt, an och aus där Situatioun eraus, déi ech elo geschildert hunn, aus där Onzefriddenheet an aus eisem Désaccord mat der jëtzegeger Situatioun eraus, wëlle mir eis bei deem Projet enthalen.

Ech soen lech merci.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Et ass keen Diskussionsriedner méi agedroen. Da gi mer d'Wuert un de Wäibau- a Landwirtschaftsminister Fernand Boden.

■ **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Här Pre-

sident, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn natierlech ganz frou, datt mat Ausnahm vun der ADR-Fraktioun, déi sech jo wëllt enthalen, dese Projet eng ganz grouss a breet Zoustëmmung hei an der Chamber fénnt. Duerch dese Projet gëtt jo den Accord vum 3. Abrëll 2001 iwwert d'Organisation internationale de la vigne et du vin, den OIV wéi e genannt gëtt, approuvéiert.

Et ass och schonn drop higewise ginn, datt Lëtzebuerg zu de Grënnungsmembere vum OIV gehéiert, an dat zënter 1924, an et ass och drop higewise ginn, datt den OIV scho weltwäit eppes duerstellt, datt e 45 Memberstaten a senge Reien zielt, datt den OIV ronn 83% vum Wäibauareal op der Welt representéiert a méi wéi 95% vun der Weltproduktioun a vun der Weltconsummatioun. Dat e bësse fir de Stelleväert vum OIV ze dokumentéieren. Et ass och kloer, datt den OIV, och wann e vläicht net genügend bekannt ass hei zu Lëtzebuerg, en intergouvernementalen Organismus ass, dee virun allem e wëssenschaftlechen an technesche Charakter huet. Dësen Organismus huet eng international unerkannte Kompetenz an alle Froen, déi iwwert de Wäibau an déi mat dem Wäin ze dinn hunn, an dat esouwuel am Intérêt vun de Produzente wéi och vun de Konsumenten, dat ass jo hei ënnerstrach ginn.

An ech mengen et wär wichteg a wesentlech, datt Lëtzebuerg an deem internationale Gremium vertritt ass, an ech kann net d'accord si mat den Ausföhrungen oder mat der Skepsis, déi den Här Mehlen hei dokumentéiert huet. Ech mengen, mir dierfen eis international net isoléieren, a besonnesch wann een a punkto Welthandel kuckt, da muss ee frou sinn, datt et Organismé ginn, déi international Kompetenz hunn, wéi den OIV, deen dofir suert, datt de Welthandel nach a gewëssene Regeln an no gewëssene Spillregele funktionéiert, wat de Wäibau an de Wäin ubelaangt.

Ech menge schon, datt et wichteg ass, datt mer an deene Gremien derbäi sinn, datt mer kucken un leschte Stand ze bleiwen, datt mer versiche fir eben och do d'Lëtzebuerger Intéréten esou gutt wéi méiglech ze verrieden. Mir sinn, dat wëll ech dem Här Scheuer soen, vertritt am Comité exécutif, mir ginn dohinner wa Problemer diskutéiert ginn, wou mer mengen, datt mer eppes kënnten derbäileieren, déi wichteg fir eis sinn. Esou zum Beispill an der Problematik vun der Önologie. Also ech menge schon, datt et falsch wier fir aus deem Gremium eraus ze goen.

Den Här Mehlen huet vun Amerika geschwat, ech mengen den Direkter Weydert huet lech an der Kommissioun erkläert woufir d'Amerikaner ee Moment erausgaange sinn, elo awer erëm erakommen. Dat huet näischt mat der Kompetenz ze dinn, et huet mat ganz anere méi Terre-à-terre-Problemer ze dinn.

Et ass keen, deen d'Kompetenz vum OIV unzweifelt, dofir mengen ech schon, datt et wichteg wier, datt mer och dokumentéieren, datt mer wëlle weider an deem Gremium bleiwen. Ech mengen dofir wär et och wichteg, datt mer dësen Accord vum 3. Abrëll 2001, deen am Fong dem OIV besser Aarbechtsméiglechkeete gëtt, hei an der Chamber guttheeschen.

Et ass nämlech esou, datt elo haut scho 27 Memberstaten dësen Accord ratifizéiert oder approuvéiert hunn, an deen Accord trëtt a Kraaft wann 31 Memberstaten dat gemaach hunn, an dat soll bis spéitstens den 31. Dezember vun deem Joer de Fall sinn, an et wär net glécklech wa Lëtzebuerg net do-

zou géif bäidroen, datt e méiglechst schnell kann a Kraaft trieden.

Et ass och vum Règlement d'ordre intérieur geschwat ginn. Ech mengen de Rapporteur Lucien Clement, deem ech och merci soe fir säi Rapport, huet déi Problematik opgeworf. De Statsrot hat och kuerz doriwwer geschriwwen. Dee Règlement d'ordre intérieur wäert am Laf vun 2004 veröffentlecht ginn, an och do ass déi finanziell Belaaschtung, déi esou e bëssen an de Raum gestallt gëtt, awer net ganz gravéierend. Wa Lëtzebuerg dovunner géif Faillite goen, ech mengen da misste mer mat ganz vill anere Saachen ophalen. Déi finanziell Belaaschtung, déi war elo ronn 12.000 Euro pro Joer, déi wäert, no de Berechnungen, déi gemaach gi sinn, ronn 15.000 Euro pro Joer sinn.

Also ech mengen net, datt dat de Lëtzebuerger Stat géif ruinéieren, a wann elo nach e puer Leit aus dem Wäibauinstitut 2-, 3-mol op Paräis fuere fir do a Réuniounen ze sinn, dann ass dat och eppes wat éischter positiv wéi negativ ass. Dofir sinn ech frou, datt trotz allem déi meescht Leit hei d'Wichtigkeet unerkennen, fir datt mer an dem OIV vertritt sinn, datt mer do matschaffen, em eng besser Schafensbasis ginn, an dofir merci fir dee groussen Accord, déi grouss Zoustëmmung, déi dese Projet fonnt huet.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - D'Diskussion ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

#### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen, oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4944 ass mat 48 Jo-Stëmmen a 7 Enthaltungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Patrick Santer), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Norbert Haupt) et Claude Wiseler (par M. Marco Schank);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jeannot Belling), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par Mme Simone Beissel), Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps (par M. Théo Stendebach), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, John Schummer (par Mme Maggy Nagel) et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par Mme Renée Wagoner) et Mme Renée Wagoner.*

*Se sont abstenus: MM. Jean Colombera (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen),*

*Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### **(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5064 iwwert d'Schafung vun der Administration des Services vétérinaires. Et sinn agedroen: den Här Wohlfart, d'Madame Nagel an den Här Mehlen. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

## 2. 5064 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 29 août 1976 portant création de l'Administration des services vétérinaires

### **Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

■ **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi an den 80er Joren déi éischt Liewensmëttelskandalen opgedeckt gi sinn, do konnt nach kee virausgesinn, datt dat nëmme den Ufank vun enger Kette vu Krisen duerstelle géif, vu Skandalen, déi sech als séier schicksalhaft fir déi europäesch Agrarwirtschaft erweise sollten, an déi och Ausmoossen ugeholl hunn, wéi mer der bis dato nach net kannt hunn.

De Volume vun den Ausmoosse géllt esouwuel fir dee finanzielle Volet wéi och fir dat doduerch verluere gaangend Vertraue vum Konsument an déi verschidden Agrarprodukter. Hormonfleesch, gepanschten Uelecher a Wäiner, Listeriose, d'Fiddere vun den Déiere mat Antibiotiquen, mat Dioxin kontaminiéiert Geflügel, d'Schwéngespescht an net zu Lescht BSE an och d'Maul- und Klauenseuch haten d'Vertraue vum Konsument an déi europäesch Agrar- a Liewensmëttelproduktioun nohalteg zerstiéiert.

De Sektuer selwer an d'Politik op europäeschem wéi och op nationalem Plang ware gefuerdert, fir eng Agrarproduktioun ze garantéieren, déi fir de Konsument bedenkenlos ass an déi sech dauerhaft op engem qualitativ héijen Niveau géif halen.

Och zu Lëtzebuerg huet sech d'Politik misse Gedanke maache fir déi Mesuren an d'Weeër ze leeden, déi d'Vertraue vum Konsument erëm hierstelle sollten. Am Juli 2001 huet sech dëst Haus mat der Problematik vun der Liewensmëttelsécherheet a mat der Zukunft vun der Agrarlandschaft en tant que telle beschäftegt.

Am Rapport vun der parlamentarischer Agrarkommissioun goufen eng ganz Rei vu Pisten opgezeechent a Konkursiounen festgehalten, déi haut fir d'Emsetzung vun dëser Politik wichtig Bausteng duerstelen. Dat Gesetz, wat mir elo diskutéieren ass eng vun de Suiten, déi mer dëser Debatt wëlle ginn.

Et ass gewosst, Här President, datt d'Administration des services vétérinaires um Niveau vun der Santé publique eng ganz wichteg Roll spillt an um Niveau vum Lëtzebuerger Agrarsektor net méi ewechzedenken ass. De Volume vun de Kontrollen huet an deene leschte Joren zolidd augmentéiert. Et geet u bei de Kontrollen iwwert de Bien-être des animaux um Bauerenhaff selwer. Am Schluechthaus gëtt d'Vei eng zweete Kéier am liewegen Zoustand an duerno selbstverständlech och a geschluachten Zoustand kontrolléiert. Och den Transport vum Vei fällt ënnert des Kontrollen. Weider Missiounen vun der Vétérinairesinspectioun sinn d'Kontrolle vun alle Liewensmëttelen, déi d'origine animale sinn. Dat betrëfft iwwert d'Produktioun eraus déi ganz Filiären, déi d'Liewensmëttel a sech